

Wat gelift?
Lëtzebuergesch fir déi Jonk

Vocabulary

m	Substantiv - männlech	noun, male
w	Substantiv - weiblech	noun, female
s	Substantiv - sächlech	noun, neuter
pl.	Substantiv - Plural	noun, plural
Verb	Verb	verb
Adj.	Adjektiv	adjective
Adv.	Adverb	adverb
Kon.	Konjunctioun	conjunction
Prep.	Prepositioun	preposition
Pron.	Pronomen	pronoun
Exp.	Expressioun	expression

Dictionnaire: www.lod.lu

Exercicer: petcl.net

Lektioun 1

Säit 6-7-8

(m) Bonjour <i>Bonjour Madame Schmit.</i>	hello <i>Hello Mrs. Schmit.</i>
(m) Moien <i>Moien Diane.</i>	good morning <i>Good morning, Diane.</i>
(m) Salut <i>Salut Fränk.</i>	hi <i>Hi Fränk.</i>
(m) den Numm (pl: d'Nimm) <i>Mäin Numm ass Dave.</i>	the name <i>My name is Dave.</i>
(m) den Här <i>Ech sinn den Här Schmit.</i>	the man, the mister <i>I am Mister Schmit.</i>
(w) d'Madame <i>Ech sinn d'Madame Schmit.</i>	the woman, the madam, the Mrs. <i>I am Madam Schmit.</i>
(Verb) sinn <i>Ech sinn doheim.</i>	to be <i>I am at home.</i>
(Verb) heeschen <i>Ech heeschen David.</i>	to be called <i>I am called David. (My name is David.)</i>
(Verb) kucken <i>Kuck, do ass de Rui.</i>	to view, to look, to watch <i>Look, there's Rui.</i>
(Verb) kommen <i>Komm an de Kino.</i>	to come <i>Come to the cinema.</i>
(Verb) ruffen <i>Ech ruffen d'Diane.</i>	to call <i>I call Diane.</i>
(Adj.) nei <i>Bass du nei hei?</i>	new <i>Are you new here?</i>
(Adv.) wou <i>Wou ass de Pit?</i>	where <i>Where is Pit?</i>
(Adv.) vu wou <i>Vu wou kënns du?</i>	from where <i>Where are you from?</i>
(Adv.) hei <i>De Kevin ass net hei.</i>	here <i>Kevin is not here.</i>
(Adv.) och <i>Hatt geet och mat.</i>	also, too, as well <i>She will come as well.</i>
(Adv.) net <i>De Pit ass net do.</i>	not <i>Pit is not here.</i>

(s)	d'Kand (pl: d'Kanner) <i>D'Kanner sinn doheem.</i>	the child <i>The children are at home.</i>
(s)	d'Resultat (pl: d'Resultater) <i>Wéi ass d'Resultat vum Match?</i>	the result, the score <i>What's the score of the game?</i>
(s)	d'Spill, de Match <i>Fussball ass e schéint Spill.</i>	the game <i>Soccer is a pretty game.</i>
(Verb)	oppassen <i>Pass op!</i>	to be careful, to pay attention <i>Be careful!</i>
(Verb)	gewannen <i>Mir gewanne géint d'Etzella.</i>	to win <i>We win against Etzella.</i>
(Verb)	verléieren <i>Mir verléiere géint d'Etzella.</i>	to lose <i>We lose against Etzella.</i>
(Verb)	gläich spillen <i>Mir spille géint d'Etzella gläich.</i>	to draw, to tie <i>We draw against Etzella.</i>
(Adj.)	dramatesch <i>De Match war dramatesch.</i>	dramatic <i>The game was dramatic.</i>
(Adj.)	roueg <i>Sief roueg!</i>	calm, quiet <i>Be quiet!</i>
(Adj.)	onerwaart <i>D'Victoire ass onerwaart.</i>	unexpected <i>The victory is unexpected.</i>
(Adj.)	ganz gutt <i>De Film ass ganz gutt.</i>	very good <i>The movie is very good.</i>
(Adj.)	bereet <i>Ech si bereet.</i>	ready <i>I am ready.</i>
(Adv.)	vill <i>Hien huet vill Frënn.</i>	many, a lot of <i>He has many friends.</i>
(Adv.)	doheem <i>Mir spillen doheem.</i>	at home <i>We play at home.</i>
(Adv.)	nach <i>Ech sinn nach hei.</i>	still <i>I am still here.</i>
(Prep.)	géint <i>Mir spille géint d'Etzella.</i>	against <i>We play against Etzella.</i>
(Exp.)	et geet duer	that's enough

(m)	de Sportler (pl: d'Sportler) <i>Hien ass e gudden Sportler.</i>	the sportsman <i>He is a good sportsman.</i>
(w)	d'Equipe (pl: d'Equipen) <i>De Pit spillt an der éischter Equipe.</i>	the team <i>Pit plays on the first team.</i>
(m)	den Hond (pl: d'Hënn) <i>Mäin Hond heescht Bello.</i>	the dog <i>My dog is called Bello.</i>
(m)	de Gebuertsdag <i>Wéini ass däi Gebuertsdag?</i>	the birthday <i>When is your birthday?</i>
(m)	de Billjee (pl: d'Billjeeën) <i>Hues du de Billjee scho kaaft?</i>	the ticket <i>Did you already buy your ticket?</i>
(m)	de Film (pl: d'Filmer) <i>De Film ass vu 16 Joer un.</i>	the movie <i>The movie is from 16 years on.</i>
(w)	d'Carte d'identité <i>Ech hu meng Carte d'identité verluer.</i>	the identity card, the ID <i>I lost my ID.</i>
(m)	den Alkohol <i>Ech drénke keen Alkohol.</i>	the alcohol <i>I do not drink alcohol.</i>
(Verb)	wunnen <i>Hatt wunnt zu Miersch.</i>	to live <i>She lives in Mersch.</i>
(Verb)	sech freeën <i>Ech freeë mech op d'Vakanz.</i>	to be delighted, to look forward to <i>I look forward to the vacation.</i>
(Verb)	kréien <i>Ech kréien 15 Joer.</i>	to get, to receive <i>I will turn 15. (I will get 15 years old)</i>
(Verb)	kennen <i>Ech kennen hien net.</i>	to know <i>I don't know him.</i>
(Verb)	feieren <i>Ech feiere mäi Gebuertsdag.</i>	to celebrate <i>I celebrate my birthday.</i>
(Verb)	gratuléieren <i>Mir gratuléieren dem Josiane.</i>	to congratulate <i>We congratulate Josiane.</i>
(Verb)	verkafen <i>Ech verkafe mäi Handy.</i>	to sell <i>I sell my mobile phone.</i>
(Adj.)	jonk <i>Den David ass jonk.</i>	young <i>David is young.</i>
(Adj.)	al <i>D'Jessica ass schonn al.</i>	old <i>Jessica is already old.</i>
(Adj.)	egal <i>Dat ass mir egal.</i>	all the same, doesn't matter <i>It doesn't matter to me.</i>

(Adj.) verbueden <i>Et ass verbueden.</i>	forbidden <i>It is forbidden.</i>
(Adv.) elo <i>D'Susie ass elo doheem.</i>	now <i>Susie is at home now.</i>
(Adv.) relativ <i>De Pit ass relativ jonk.</i>	relatively, more or less, rather <i>Pit is rather young.</i>
(Adv.) haut <i>Ech sinn haut net do.</i>	today <i>Today I am not there.</i>
(Adv.) gësch , gëschter <i>Ech war gëschter net do.</i>	yesterday <i>Yesterday I wasn't there.</i>
(Adv.) schonn <i>Ech si schonn do.</i>	already <i>I am already there.</i>
(Adv.) eréischt <i>D'Ana huet eréischt 10 Joer.</i>	only <i>Ana is only 10 years old.</i>
(Adv.) firwat <i>Firwat ass hien net do?</i>	why <i>Why is he not there?</i>
(Prep.) bei <i>De Marc ass bei eis.</i>	at, with, next to <i>Marc is at our place.</i>
(Prep.) ënner <i>Keen Alkohol ënner 16 Joer.</i>	under <i>No alcohol under 16.</i>
(Pron.) näischt <i>Ech hunn näischt gemaach.</i>	nothing <i>I did nothing.</i>
(Exp) dat heescht näischt	that doesn't mean anything
(Exp) wann ech gelift, w.e.g.	please
(Exp) et ass an der Rei	it's all right
(Exp) et deet mer Leed	I am sorry.

Säit 11

(m) de Kuss (pl: d'Kussen) <i>Gëff dem Susie e Kuss vu mir.</i>	the kiss <i>Give Susie a kiss from me.</i>
(Verb) heem goen <i>Ech ginn um 6 Auer heem.</i>	to go home <i>I go home at 6 o'clock.</i>
(Adj.) flott <i>Meng Vakanz war flott.</i>	pretty, cute <i>My vacation was pretty.</i>
(Adj.) wäit <i>Et ass nach wäit bis an d'Stad.</i>	far <i>Luxemburg-City is still far.</i>

Lektioun 2

Säit 14-15

(m)	de Schoulhaff <i>An der Paus gi mir an de Schoulhaff.</i>	the schoolyard <i>During the break we go to the schoolyard.</i>
(w)	d'Entrée <i>Mir treffen eis an der Entrée.</i>	the entrance <i>We meet at the entrance.</i>
(s)	d'Trapenhaus <i>De Marco fällt am Trapenhaus.</i>	the staircase <i>Marco falls in the staircase.</i>
(w)	d'Portiersloge = d'Loge <i>Ech gi bäi d'Loge Kräid sichen.</i>	the lodge <i>I'll go get some chalk at the lodge.</i>
(w)	d'Infirmérie <i>Ech ginn an d'Infirmérie eng Pëll sichen.</i>	the infirmary <i>I'll go get a pill at the infirmary.</i>
(s)	d'Sekretariat <i>Du kriss de Certificat um Sekretariat.</i>	the secretary's office <i>You get your certificate at the secretary's office.</i>
(m)	de Büro vum Direkter <i>De Jo muss an de Büro vum Direkter.</i>	the principal's office <i>Jo has to go to the principal's office.</i>
(m)	de Proffesall = d'Proffekonferenz <i>D'Madame Denis geet an d'Proffekonferenz.</i>	the teacher's lounge <i>Madame Denis goes to the teacher's lounge.</i>
(m)	de SPOS <i>Ech hu Rendezvous beim SPOS.</i>	the SPOS <i>I have an appointment at the SPOS.</i>
(w)	d'Bibliothéik <i>D'Bibliothéik ass bis 4 Auer op.</i>	the library <i>The library is open until 4 o'clock.</i>
(m)	de Kllassesall <i>Mäi Kllassesall ass um éischte Stack.</i>	the classroom <i>My classroom is on the first floor.</i>
(m)	de Sciencesall <i>Mir hu Chimie am Sciencesall.</i>	the science lab <i>We have chemistry in the science lab.</i>
(m)	den Zeechesall <i>Mir hunn Optioun am Zeechesall.</i>	the art room <i>We have optional lessons in the art room.</i>
(m)	de Computersall = den Infossall <i>Mir hunn Info am Computersall.</i>	the computer room <i>We have informatic lessons in the computer room.</i>
(w)	d'Cafeteria <i>A menger Schoul ass keng Cafeteria.</i>	the cafeteria <i>There's no cafeteria in my school.</i>
(w)	d'Cantine <i>Ech iessen haut an der Cantine.</i>	the canteen <i>Today I eat in the canteen.</i>
(m)	den Turnsall <i>Mir hu Sport am Turnsall.</i>	the gym <i>We have sports lessons at the gym.</i>

(w)	d'Toilette <i>Däerf ech op d'Toilette goen, w.e.g.?</i>	the toilet, the bathroom <i>May I go to the bathroom, please?</i>
(m)	de Rez-de-chaussée <i>D Sekretariat ass um Rez-de-chaussée.</i>	the ground floor <i>The secretary's office is on the ground floor.</i>
(m)	den éischte Stack <i>D'Konferenz ass um éischte Stack.</i>	the first floor <i>The teacher's lounge is on the first floor.</i>
(m)	den zweete Stack <i>De Sciencesall ass um zweete Stack.</i>	the second floor <i>The science lab is on the second floor.</i>
(m)	den drëtte Stack <i>Den NOSL huet keen drëtte Stack.</i>	the third floor <i>The NOSL has no third floor.</i>

Säit 16

(w)	d'Klass (pl: d'Klassen) <i>Meng Klass ass cool.</i>	the class <i>My class is cool.</i>
(m)	de Papp (pl: d'Pappen) <i>Mäi Papp heescht Nico.</i>	the father <i>My father is called Nico.</i>
(m)	de Schlëssel (pl: d'Schlësselen) <i>Ech hunn de Schlëssel fir d'Case vergiess.</i>	the key <i>I forgot the key to my locker.</i>
(m)	den Ersatzschlëssel <i>Kann ech en Ersatzschlëssel kréien, w.e.g.?</i>	the spare key <i>Can I have a spare key please?</i>
(w)	d'Case (pl: d'Casen) <i>Mäi Buch ass an der Case.</i>	the locker <i>My book is in my locker.</i>
(w)	d'Kopie (pl: d'Kopien) <i>Ech maachen eng Kopie vum Test.</i>	the copy <i>I make a copy of my test.</i>
(w)	d'Prüfung (pl: d'Prüfungen) <i>Mir hunn e Freideg eng Prüfung.</i>	the test, the exam <i>We have an exam on Friday.</i>
(Verb)	sichen <i>Wat sichts du?</i>	to search <i>What are you searching?</i>
(Verb)	hëllefen <i>Kann ech Iech hëllefen?</i>	to help <i>Can I help you?</i>
(Verb)	schwätzen <i>Mir musse schwätzen!</i>	to speak, to talk <i>We have to talk!</i>
(Verb)	wëllen <i>Wëlls du eng Cola?</i>	to want <i>Do you want a coke?</i>
(Adv.)	muer = mar <i>Ech hu muer eng Prüfung.</i>	tomorrow <i>I have a test tomorrow.</i>
(Pron.)	eppes <i>Sichts du eppes?</i>	something <i>Are you looking for something?</i>
(Exp.)	geet dat?	is that possible?

Säit 18

(m) de Schocki <i>Ech wëll e Schocki, w.e.g.</i>	a cup of hot chocolate <i>I want a cup of hot chocolate, please.</i>
(s) d'Buch (pl: d'Bicher) <i>Ech sicke mäi Buch.</i>	the book <i>I look for my book.</i>
(Verb) soen <i>Wat sees du?</i>	to say <i>What are you saying?</i>
(Verb) verstoen <i>Ech hunn dat net verstan.</i>	to understand <i>I did not understand that.</i>
(Verb) drénken <i>Ech drénke keen Alkohol.</i>	to drink <i>I don't drink alcohol.</i>
(Verb) weisen <i>Kanns du mir d'Sekretariat weisen, w.e.g.?</i>	to show <i>Can you show me the secretary's office, please?</i>
(Adj.) lues <i>Kanns du méi lues schwätzen, w.e.g.?</i>	slow <i>Can you speak slower, please?</i>
(Adj.) fräi <i>Ass hei fräi?</i>	free, unoccupied <i>Is this [seat, place, ...] free?</i>
(Adv.) riets = rechts <i>D'Sekretariat ass rechts vum Infossall.</i>	right (opposite of left) <i>The secretary's office is to the right of the computer room.</i>
(Exp.) Et ass gär geschitt.	You're welcome
(Exp.) entschëllegt	excuse me
(Exp.) wat gelift?	excuse me? sorry?
(Exp.) dat ass léif	that's nice of you
(Exp.) Pardon	Sorry
(Exp.) villmools Merci	Thank you very much

Säit 19

(Verb) brauchen <i>Ech brauch 2 Euro.</i>	to need <i>I need 2 Euro.</i>
(Verb) feelen <i>Et feelen 10 Cent.</i>	to be missing <i>There are 10 Cent missing.</i>
(Verb) halen <i>Hal däi Geld.</i>	to keep <i>Keep your money.</i>
(Adv.) leider <i>Ech hu leider keng Suen.</i>	unfortunately <i>Unfortunately, I have no money.</i>

(m)	de Croissant (pl: d' Croissanten) <i>Ech hätt gär e Croissant, w.e.g.</i>	the croissant <i>I would like a croissant, please.</i>
(w)	d'Schneck (pl: d'Schnecken) <i>Wat kascht eng Schneck?</i>	the cinnamon roll <i>How much does a cinnamon roll cost?</i>
(w)	d'Schockelasrull (pl: zwou Schockelasrullen) <i>Et ass keng Schockelasrull méi do.</i>	the chocolate-filled roll <i>There's no chocolate-filled roll left.</i>
(s)	d'Bréitchen (pl: zwee Bréidercher) <i>Wat wëlls du op däi Bréitchen?</i>	the sandwich <i>What do you want on your sandwich?</i>
(m)	de Kaffi = de Kaffee <i>Ech hätt gär e Kaffee mat Mëllech, w.e.g.</i>	the coffee <i>I would like a coffee with milk, please.</i>
(m)	den Téi <i>Wëlls du eng Taass Téi?</i>	the tea <i>Do you want a cup of tea?</i>
(m)	de Jus <i>Ech hätt gär en Äppeljus, w.e.g.</i>	the juice <i>I would like an apple juice, please.</i>
(s)	e Waasser <i>Kann ech e Glas Waasser kréien, w.e.g.?</i>	the water <i>Can I get a glass of water, please?</i>
(w)	d'Ham <i>E Bréitchen mat Ham w.e.g.</i>	the ham <i>A ham sandwich, please.</i>
(m)	de Kéis <i>Ech hu Kéis net gär.</i>	the cheese <i>I don't like cheese.</i>
(w)	d'Mënz <i>Hues du Mënz fir de Colasautomat?</i>	the coin <i>Do you have coins for the vending machine?</i>
(m)	de Schäin (pl: d'Schäiner) <i>Ech hunn nëmmen en 20 Euro Schäin.</i>	the banknote, the bill <i>I only have a 20 Euro note.</i>
(Adv.)	nëmmen <i>Ech hunn nëmmen e Croissant giess.</i>	only <i>I only ate a croissant.</i>
(Exp)	Ech hätt gär... <i>Ech hätt gär e Croissant, w.e.g.</i>	I would like... <i>I would like a croissant, please.</i>
(Exp)	Dat mécht... <i>Dat mécht 2 Euro.</i>	That's..., that makes... <i>That makes 2 Euro.</i>
(Exp)	Äddi, Awuer, Awar	Goodbye

Lektioun 3

Säit 24-25

(m)	de Kllassesall (pl: d'Klassesäll) <i>Ass de Kllassesall zou?</i>	the classroom <i>Is the classroom locked?</i>
(w)	d'Tafel (pl: d'Tafelen) <i>Komm un d'Tafel!</i>	the blackboard <i>Come to the blackboard!</i>
(m)	de Schwamp <i>Wou ass de Schwamp?</i>	the sponge <i>Where is the sponge?</i>
(w)	d'Kräid <i>Et ass keng Kräid méi do.</i>	the chalk <i>There's no more chalk left.</i>
(m)	de Stonneplang <i>Mäi Stonneplang ass am Agenda.</i>	the timetable <i>My timetable is in my agenda.</i>
(m)	de Computer (pl: d'Computeren) <i>Am Infossall sinn 18 Computeren.</i>	the computer <i>There are 18 computers in the computer room.</i>
(m)	de Stull (pl: d'Still) <i>Setz dech op däi Stull!</i>	the chair <i>Sit down on your chair!</i>
(w)	d'Luucht (pl: d'Luuchten) <i>Maach d'Luucht un!</i>	the lamp, the light <i>Turn on the light!</i>
(m)	de Schaf (pl: d'Schief) <i>Mäi Classeur ass am Schaf.</i>	the cupboard, the closet <i>My binder is in the cupboard.</i>
(m)	de Kalenner <i>De Rendezvous steet am Kalenner.</i>	the calendar <i>The appointment is in the calendar.</i>
(s)	d'Pult <i>De Proff sëtzt hannert dem Pult.</i>	the teacher's desk <i>The teacher sits behind the desk.</i>
(w)	d'Dier (pl: d'Dieren) <i>Maach d'Dier op!</i>	the door <i>Open the door!</i>
(w)	d'Fënster (pl: d'Fënsteren) <i>Et ass kal, maach d'Fënster zou.</i>	the window <i>It's cold, close the window.</i>
(w)	d'Auer (pl: d'Aueren) <i>Hues du eng Auer un?</i>	the watch <i>Do you wear a watch?</i>
(w)	d'Dreckskëscht = d'Poubelle <i>Werf den Dreck an d'Poubelle!</i>	the trash, the garbage can <i>Throw the trash in the garbage can!</i>
(w)	d'Bänk (pl: d'Bänken) <i>Meng Bänk ass an der éischter Rei.</i>	the student's desk <i>My desk is in the first row.</i>
(m)	de Buedem <i>De Buedem ass knaschteg.</i>	the floor <i>The floor is dirty.</i>
(m)	de Plafong <i>Eng Spann ass um Plafong.</i>	the ceiling <i>There's a spider on the ceiling.</i>

(m)	de Schoulsak <i>Ech hu mäi Schoulsak am Bus vergiess.</i>	the satchel <i>I forgot my satchel on the bus.</i>
(s)	d'Buch (pl: d'Bicher) <i>D'Buch ass blo.</i>	the book <i>The book is blue.</i>
(s)	d'Heft (pl: d'Hefter) <i>Wou ass däin Heft?</i>	the notebook <i>Where is your notebook?</i>
(s)	d'Blat (pl: d'Blieder) <i>Kann ee mer e Blat ginn, w.e.g?</i>	the sheet <i>Can someone give me a sheet, please?</i>
(m)	de Classeur (pl: d'Classeuren) <i>Mäi Classeur ass futti.</i>	the binder <i>My binder is broken.</i>
(w)	d'Schachtel (pl: d'Schachtelen) <i>Ech hunn eng brong Schachtel.</i>	the pencil case <i>I have a brown pencil case.</i>
(m)	de Bläistëft (pl: d'Bläistëfter) <i>Ech schreiwen den Exercice mam Bläistëft.</i>	the pencil <i>I write the exercise with a pencil.</i>
(m)	de Bic (pl: d'Bicer) <i>Ech schreiwen d'Prüfung mam Bic.</i>	the pen <i>I write the test with a pen.</i>
(w)	d'Füllfieder (pl: d'Füllfiedereren) <i>Ech hunn eng blo Füllfieder.</i>	the fountain pen <i>I have a blue fountain pen.</i>
(w)	d'Cartouche (pl: d'Cartouchen) <i>Meng Cartouche ass eidel.</i>	the ink cartridge <i>My cartridge is empty.</i>
(w)	d'Tuschfaarf (pl: d'Tuschfaarwen) <i>Hatt moolt mat Tuschfaarwen.</i>	the colored pen <i>She draws with colored pens.</i>
(w)	d'Crayonsfaarf = d'Bläistëftsfarf <i>Den David moolt mat Bläistëftsfarf.</i>	the colored pencil <i>David draws with colored pencils.</i>
(m)	de Spëtzer <i>Ech brauch e Spëtzer fir mäi Bläistëft.</i>	the pencil sharpener <i>I need a sharpener for my pencil.</i>
(m)	de Gummi <i>Ech hunn e Bläistëft mee kee Gummi.</i>	the eraser <i>I have a pencil but no eraser.</i>
(m)	de Lineal <i>Ënnersträich mam Lineal!</i>	the ruler <i>Underline with your ruler!</i>
(m)	de Geodräieck <i>Ech brauch e Geodräieck an der Mathé.</i>	the triangle <i>I need a triangle for the math lesson.</i>
(m)	den Zierkel <i>Ech zeechnen e Krees mam Zierkel.</i>	the compass <i>I draw a circle with the compass.</i>
(w)	d'Schéier (pl: d'Schéieren) <i>Ech schneiden d'Blat mat der Schéier.</i>	the scissors <i>I cut the sheet with a pair of scissors.</i>

(Verb) **léinen**
Kanns du mir däi Buch léinen, w.e.g.?

to lend
Can you lend me your book, please?

(Verb) **vergiessen**
Ech hu mäi Buch vergiess.

to forget
I forgot my book.

Säit 27

(s) **d'Wonner**
D'Sonn schéngt. Dat ass e Wonner!

the miracle
The sun shines. It's a miracle!

(Verb) **molen**
Ech molen e Bild.

to draw
I draw a picture.

(Verb) **fannen**
Ech fannen dech schéin.

to find
I find you pretty.

(Adj.) **giel**

yellow

(Adj.) **orange**

orange

(Adj.) **gréng**

green

(Adj.) **blo**

blue

(Adj.) **rosa**

pink

(Adj.) **rout**

red

(Adj.) **mof**

mauve

(Adj.) **brong**

brown

(Adj.) **schwaarz**

black

(Adj.) **wäiss**

white

(Adj.) **gro**

grey

(Adj.) **hell**
D'Buch ass hellblo.

light
The book is light-blue.

(Adj.) **däischer**
D'Heft ass däischergréng.

dark
The notebook is dark-green.

(Exp.) **Liiblings...**
Mäi Liiblingsiessen ass Spaghetti.

favorite...
Spaghetti is my favorite dish.

Säit 28

(s)	d'Geschäft (pl:d'Geschäfte) <i>Haut sinn d'Geschäfte zou.</i>	the shop <i>All the shops are closed today.</i>
(m)	de Kino <i>Mir ginn den Owend an de Kino.</i>	the cinema <i>We go to the cinema tonight.</i>
(m)	de Moien <i>Mir hunn de Moien Mathé.</i>	the morning <i>We have a math lesson this morning.</i>
(m)	de Mëtteg <i>Hues du de Mëtteg Zäit?</i>	the afternoon <i>Are you free this afternoon?</i>
(m)	den Owend <i>De Pedro geet den Owend op den Training.</i>	the evening <i>Pedro goes to practice this evening.</i>
(w)	d'Nuecht <i>Et war eng kal Nuecht.</i>	the night <i>It was a cold night.</i>
(Verb)	opstoen <i>Stéi op!</i>	to get up <i>Get up!</i>
(Verb)	ufänken <i>D'Schoul fänkt um 8 Auer un.</i>	to begin, to start <i>School starts at 8 o'clock.</i>
(Verb)	dauern <i>De Film dauert zwou Stonnen.</i>	to last <i>The movie lasts for 2 hours.</i>
(Adj.)	genau <i>Et ass genau dräi Auer.</i>	exactly <i>It is exactly 3 o'clock.</i>
(Adj.)	ongeféier <i>D'Buch huet ongeféier 300 Säiten.</i>	more or less, about <i>The book is about 300 pages long.</i>
(Adv.)	geschwënn <i>Ech gi geschwënn schlofen.</i>	soon <i>I'll go to sleep soon.</i>

Säit 29

(m)	den Dag (pl: d'Deeg) <i>Wéi een Dag ass haut?</i>	the day <i>What day is it?</i>
(w)	d'Woch (pl: d'Wochen) <i>D'nächst Woch ass Vakanz.</i>	the week <i>Next week it's the holidays.</i>
(w)	d'Paus (pl: d'Pausen) <i>Um 10 Auer ass Paus.</i>	the break <i>There's a break at 10 o'clock.</i>
(Verb)	erklären <i>De Steve erkläert mir den Exercice.</i>	to explain <i>Steve explains the exercise to me.</i>
(Verb)	lauschteren <i>D'Madame Olivier lauschtert de Radio.</i>	to listen <i>Mrs. Olivier listens to the radio.</i>

(Adj.) geckeg <i>Ech mengen du bass geckeg!</i>	crazy <i>I think you're crazy!</i>
(Adj.) krank <i>D'Maria ass erëm krank.</i>	sick <i>Maria is sick again.</i>
(Adj.) besser <i>De Pit spillt besser wéi ech.</i>	better <i>Pit plays better than me.</i>
(Adv.) ëmmer <i>De Bob ass ëmmer midd.</i>	always <i>Bob is always tired.</i>
(Adv.) erëm <i>D'Maria ass erëm krank.</i>	again <i>Maria is sick again.</i>
(Prep.) mat <i>Gees du mat an de Kino?</i>	with <i>Do you come to the movies with me?</i>
(Prep.) ouni <i>Ee Waasser ouni Spruddel, w.e.g.</i>	without <i>A water, not sparkling, please.</i>
(Konj.) ausser <i>D'Schüler sinn all do, ausser de Pit.</i>	except <i>The students are all there, except for Pit.</i>
(Konj.) oder <i>Bass du krank oder gesond?</i>	or <i>Are you sick or healthy?</i>
(Exp.) vun ... bis <i>Ech schlofe vun 10 bis 6.</i>	from... until, from... to <i>I sleep from 10 to 6.</i>
(Adv.) virgëschter = virgëscht <i>Ech war virgëschter krank.</i>	the day before yesterday <i>I was sick the day before yesterday.</i>
(Adv.) gëschter = gëscht <i>Gëschter hat ech Kapp wéi.</i>	yesterday <i>Yesterday I had a headache.</i>
(Adv.) haut <i>Ech ginn haut an d'Stat.</i>	today <i>Today I go to Luxemburg-City.</i>
(Adv.) muer = mar <i>Ech hu muer eng Prüfung.</i>	tomorrow <i>I have a test tomorrow.</i>
(Adv.) iwwermuer = iwwermar <i>Iwwermuer hu mir e Match.</i>	the day after tomorrow <i>We have a game the day after tomorrow.</i>
(m) de Moien <i>Ech war de Moien ze spéit.</i>	the morning <i>I was late this morning.</i>
(Adv.) moies <i>Ech si moies ëmmer midd.</i>	in the morning, every morning <i>I am always tired in the morning.</i>
(m) de Mëtteg <i>Mir hunn de Mëtteg Mathé.</i>	the afternoon <i>We have a math lesson this afternoon.</i>
(Adv.) mëttes <i>Mëttes ass Cours bis 3 Auer.</i>	in the afternoon, every afternoon <i>There are lessons until 3 in the afternoon.</i>

(m)	den Owend <i>Ech spillen den Owend Basket.</i>	the evening <i>I play basketball this evening.</i>
(Adv.)	owes <i>Den André ësst owes näischt.</i>	in the evening, every evening <i>André eats nothing in the evening.</i>
(w)	d'Nuecht <i>Et war eng kal Nuecht.</i>	the night <i>It was a cold night.</i>
(Adv.)	nuets <i>Nuets ass et kal.</i>	at night, every night <i>The nights are cold.</i>
(m)	e Méindeg <i>Ech ginn e Méindeg bei den Dokter.</i>	Monday <i>I go to the doctor on Monday.</i>
(Adv.)	méindes <i>Méindes hunn ech Cours d'appui.</i>	on Mondays <i>I have tutoring on Mondays.</i>
(m)	en Dënschdeg <i>Ech ginn en Dënschdeg bei d'Diane.</i>	Tuesday <i>I'll go to Diane's on Tuesday.</i>
(Adv.)	dënschdes <i>Dënschdes hu mir 4 Stonnen Optioun.</i>	on Tuesdays <i>I have 4 optional lessons on Tuesdays.</i>
(m)	e Mëttwoch <i>Ech léieren e Mëttwoch d'Vokabelen.</i>	Wednesday <i>I study the vocabulary on Wednesday.</i>
(Adv.)	mëttwochs <i>Ech hu mëttwochs Training.</i>	on Wednesdays <i>I have practice on Wednesdays.</i>
(m)	en Donneschdeg <i>D'Léa spillt en Donneschdeg Tennis.</i>	Thursday <i>Léa plays Tennis on Thursday.</i>
(Adv.)	donneschdes <i>Donneschdes mëttes hunn ech keng Schoul.</i>	on Thursdays <i>I have no school on Thursday afternoon.</i>
(m)	e Freideg <i>Muer ass Freideg den dräizéngten!</i>	Friday <i>Tomorrow is Friday the 13th!</i>
(Adv.)	freides <i>Freides ginn ech mat Kollegen raus.</i>	on Fridays <i>On Fridays I go out with friends.</i>
(m)	e Samschdeg <i>E Samschdeg besichen ech meng Bom.</i>	Saturday <i>Saturday I visit my grandma.</i>
(Adv.)	samschdes <i>Ech schlofen samschdes laang.</i>	on Saturdays <i>I sleep late on Saturdays.</i>
(m)	e Sonndeg <i>E Sonndeg gi mir an de Restaurant.</i>	Sunday <i>Sunday we go to the restaurant.</i>
(Adv.)	sonndes <i>Sonndes raschten ech.</i>	on Sundays <i>I rest on Sundays.</i>

Lektioun 4

Säit 32-33

(m)	de Kolleg (pl: d'Kollegen) <i>Mäi beschte Kolleg heescht Steven.</i>	the friend <i>My best friend is called Steven.</i>
(w)	d'Fräizäit <i>A menger Fräizäit spillen ech Fussball.</i>	the free time <i>In my free time I play soccer.</i>
(w)	d'Stëmmung <i>D'Stëmmung a menger Klass ass gutt.</i>	the atmosphere <i>The atmosphere in my class is good.</i>
(Verb)	laachen <i>Ech laache wann ech de Mister Bean kucken.</i>	to laugh <i>I laugh when I watch Mister Bean.</i>
(Verb)	kucken <i>De Steven kuckt ze vill Tëlee.</i>	to watch <i>Steven watches too much television.</i>
(Adj.)	ongeféier <i>Zu Lëtzebuerg wunnen ongeféier 560.000 Leit.</i>	more or less, about <i>Luxemburg has about 560.000 inhabitants.</i>
(Adv.)	meeschtens <i>Ech sinn meeschtens doheem.</i>	usually <i>I am usually at home.</i>
(Adv.)	bestëmmt <i>Hien ass bestëmmt nach doheem.</i>	certainly <i>He is certainly still at home.</i>
(Adv.)	geschwënn <i>Et schellt geschwënn.</i>	soon <i>It will ring soon.</i>
(Adv.)	op d'mannst <i>Ech muss op d'mannst eng Stonn léieren.</i>	at least <i>I have to study at least for an hour.</i>
(Prep.)	zënter <i>Ech waarden zënter 10 Minuten.</i>	since, for <i>I have been waiting for 10 minutes.</i>
(Exp.)	no der Schoul <i>No der Schoul ginn ech op den Training</i>	after school <i>I go to practice after school.</i>

Säit 34

(Verb)	sech freeën <i>Ech freeë mech fir dech.</i>	to be glad, to be happy <i>I am happy for you.</i>
(Adv.)	direkt <i>Ech ginn direkt op den Training.</i>	at once, immediately <i>I'll immediately go to practice.</i>
(Exp.)	Zäit hunn <i>Hues du Zäit fir an de Kino ze goen?</i>	to have time <i>Do you have time to go to the movies?</i>
(Exp.)	Loscht hunn <i>Ech hu Loscht op eng Glace.</i>	to feel like, to want to <i>I feel like ice cream.</i>

Säit 35

(Verb) spadséieren = spadséiere goen <i>Den Här Schmit geet sonndes spadséieren.</i>	to take a walk <i>Mister Schmit takes a walk on Sundays.</i>
(Verb) schwammen <i>Mir schwammen 400 Meter.</i>	to swim <i>We swim 400 meters.</i>
(Verb) Tennis spillen <i>D'Marie spillt mam Josiane Tennis.</i>	to play tennis <i>Marie plays tennis with Josiane.</i>
(Verb) shoppen = shoppe goen <i>Mäi Papp shoppt zu Tréier.</i>	to go shopping <i>My father goes shopping in Trier.</i>
(Verb) an de Kino goen <i>Wëlls du den Owend an de Kino goen?</i>	to go to the movies <i>Do you want to go to the movies tonight?</i>
(Verb) um Computer spillen <i>Vill Jonker spillen ze vill um Computer.</i>	to play on the computer <i>Many adolescents play on the computer.</i>
(Verb) en Instrument spillen <i>Ech spille leider keen Instrument.</i>	to play an instrument <i>Unfortunately I play no instrument.</i>
(Verb) Musek lauschteren <i>Wéi eng Musek lauschters du?</i>	to listen to music <i>What music do you listen to?</i>
(Verb) (mam) Vëlo fueren <i>Fiers du Vëlo oder Mountainbike?</i>	to ride the bike <i>Do you ride the bike or the mountain bike?</i>
(Verb) joggen = jogge goen <i>Ech ginn mar den Owend joggen.</i>	to jog, to go jogging <i>Tomorrow evening I'll go jogging.</i>
(Verb) Fussball spillen <i>De Pit spillt zu Veianen Fussball.</i>	to play soccer <i>Pit plays soccer in Vianden.</i>
(Verb) d'Tëlee kucken = de Fernseh kucken <i>Hatt kuckt all Dag zwou Stonnen Tëlee.</i>	to watch television <i>She watches two hours of television a day.</i>

Säit 36

(w) d'Haaptsaach <i>Haaptsaach et reent net.</i>	the most important thing <i>The most important thing is that it doesn't rain.</i>
(Exp.) bis muer	see you tomorrow
(Exp.) bis dann	see you
(Exp.) bis herno, bis duerno	see you later
(Exp.) Firwat net?	why not?
(Exp.) Ech hu keng Loscht.	I don't feel like it, I don't want to

Lektioun 5

Säit 40-41

(w)	d'Famill (pl: d'Familljen) <i>Meng Famill ass super.</i>	the family <i>My family is awesome.</i>
(pl)	d'Elteren (Pl.) <i>Meng Elteren schaffen bis halwer 7.</i>	the parents <i>My parents work until 6:30.</i>
(w)	d'Mamm (pl: d'Mammen) <i>Meng Mamm heescht Marie.</i>	the mother <i>My mother is called Marie.</i>
(m)	de Papp (pl: d'Pappen) <i>Mäi Papp huet 42 Joer.</i>	the father <i>My father is 42 years old.</i>
(s)	d'Kand (pl: d'Kanner) <i>Den Här Schmit huet 3 Kanner.</i>	the child <i>Mister Schmit has 3 children.</i>
(m)	de Jong (pl: d'Jongen) <i>De Steve huet e Jong kritt.</i>	the boy, the son <i>Steve just had a boy.</i>
(s)	d'Meedchen (pl: d'Meedercher) <i>D'Sandra ass e schéint Meedchen.</i>	the girl, the daughter <i>Sandra is a pretty girl.</i>
(m)	den Zwilling (pl: d'Zwillingen) <i>D'Josiane huet Zwillinge kritt.</i>	the twin <i>Josiane had twins.</i>
(w)	d'Fra (pl: d'Fraen) <i>Meng Fra heescht Diane.</i>	the woman, the wife <i>My wife is called Diane.</i>
(m)	de Mann (pl: d'Männer) <i>Mäi Mann heescht Nico.</i>	the man, the husband <i>My husband is called Nico.</i>
(Verb)	sech verstoen <i>Mir verstinn eis gutt.</i>	to get along <i>We get along fine.</i>
(Verb)	sech këmmere ëm <i>Si këmmere sech ëm d'Meedchen.</i>	to look after <i>They look after the girl.</i>
(Verb)	akafen <i>Si ginn de Weekend akafen.</i>	to go shopping <i>They go shopping on weekends.</i>
(Verb)	kachen <i>Wat kachs du haut?</i>	to cook <i>What are you cooking today?</i>
(Verb)	feieren <i>Si feieren zesummen.</i>	to party <i>They party together.</i>
(Adj.)	bestuet <i>Si sinn 20 Joer bestuet.</i>	married <i>They have been married for 20 years.</i>
(Adj.)	gescheet <i>Meng Eltere si gescheet.</i>	divorced <i>My parents are divorced.</i>

(Adj.) jonk <i>Si si jonk.</i>	young <i>They are young.</i>
(Adj.) eleng, alleng <i>De Jos leeft alleng.</i>	alone <i>Jos lives alone.</i>
(Adj.) brav <i>D'Schüler waren haut brav.</i>	well behaved <i>The students behaved well today.</i>
(Adj.) einfach <i>D'Prüfung ass einfach.</i>	easy <i>The test is easy.</i>
(Adj.) deen eenzege <i>De Marc ass deen eenzege Schüler, dee seng Hausaufgaben net gemaach huet.</i>	the only one <i>Marc is the only student who did not do his homework.</i>
(Adv.) zesummen <i>De Marc an d'Anne sinn zesummen.</i>	together <i>Marc and Anne are together.</i>
(Adv.) eréischt <i>Hien huet eréischt 8 Joer.</i>	only <i>He's only 8 years old.</i>
(Adv.) heiansdo <i>Ech sinn heiansdo generft.</i>	sometimes <i>I am sometimes annoyed.</i>
(Adv.) bestëmmt <i>Hien ass bestëmmt nach doheim.</i>	certainly <i>He's certainly still at home.</i>
(Adv.) geschwënn <i>Et schellt geschwënn.</i>	soon <i>The bell will ring soon.</i>

Säit 42

(w) d'Groussmamm (pl: d'Groussmammen) <i>Meng Groussmamm heescht Josiane.</i>	the grandmother <i>My grandmother is called Josiane.</i>
(m) de Grousspapp (pl: d'Grousspappen) <i>Mäi Grousspapp wunnt zu Dikrech.</i>	the grandfather <i>My grandfather lives in Diekirch.</i>
(m) de Monni (pl: d'Monnien) <i>Mäi Monni huet 52 Joer.</i>	the uncle <i>My uncle is 52 years old.</i>
(w) d'Tatta (pl: d'Tattaen) <i>Ech hunn zwou Tattaen.</i>	the aunt <i>I have two aunts.</i>
(m) de Brudder (pl: d'Bridder) <i>Mäi Brudder ass Mécanicien.</i>	the brother <i>My brother is a mechanic.</i>
(w) d'Schwëster (pl: d'Schwëstere(n)) <i>Meng Schwëster heescht Anna.</i>	the sister <i>My sister is called Anna.</i>
(m) de Cousin (pl: d'Cousinen) <i>Ech hunn 4 Cousinen.</i>	the cousin (male) <i>I have 4 cousins.</i>
(w) d'Cousine (pl: d'Cousinen) <i>Meng Cousine ass schwanger.</i>	the cousin (female) <i>My cousin is pregnant.</i>

(s)	d'Thema (pl: d'Themaen) <i>Iwwer wéi een Thema schwätze si?</i>	the subject, the topic <i>What topic are they talking about?</i>
(Verb)	mengen <i>Ech mengen et gött Reen.</i>	to think, to believe <i>I think it will rain.</i>
(Adj.)	wichteg <i>Mathé ass wichteg.</i>	important <i>Math is important.</i>
(Adj.)	flott <i>De Film war flott.</i>	pretty, nice <i>The movie was nice.</i>
(Adj.)	langweileg <i>D'Schoul ass langweileg.</i>	annoying <i>School is annoying.</i>
(Adj.)	bestëmmt <i>Hien ass bestëmmt krank.</i>	certainly <i>He is certainly sick.</i>
(Adv.)	dacks <i>Hien ass dacks midd.</i>	often <i>He's often tired.</i>
(Adv.)	heiansdo <i>Ech spillen heiansdo Tennis.</i>	sometimes <i>I sometimes play tennis.</i>
(Adv.)	ëmmer <i>Ech sinn ëmmer prett.</i>	always <i>I am always ready.</i>
(Adv.)	dofir <i>Ech si krank, dofir bleiwen ech doheem.</i>	therefore <i>I am sick, therefore I stay at home.</i>
(Adv.)	schonn <i>Hien ass schonn do.</i>	already, yet <i>He's already there.</i>
(Adv.)	erëm <i>Den André ass erëm ze spéit.</i>	again <i>André is late again.</i>
(Adv.)	leider <i>Si ass leider krank.</i>	unfortunately <i>Unfortunately, she's sick.</i>
(Adv.)	geschwënn <i>Mäi Frënd ass geschwënn hei.</i>	soon <i>My friend will be here soon.</i>
(Adv.)	och <i>Ech schwätzen och lëtzebuergesch.</i>	also, as well, too <i>I also speak Luxemburgish.</i>
(Adv.)	nach <i>Ech hunn nach 10 Euro.</i>	still <i>I still have 10 Euro.</i>
(Pron.)	eppes <i>Ziel mer eppes!</i>	something <i>Tell me something!</i>
(Pron.)	eng aner <i>Ech hunn eng aner Meenung.</i>	another, a different <i>I have a different opinion.</i>

(Konj.) well <i>Ech sinn midd, well ech net gutt geschlof hunn.</i>	because <i>I am tired because I did not sleep well.</i>
(Exp.) am Moment <i>Am Moment wunnen ech zu Miersch.</i>	now, this moment, currently <i>I currently live in Mersch.</i>
(Exp.) dat deet mer leed	I am sorry

Säit 44

(m) de Klengen (pl: déi Kleng) <i>De Klengen schléift.</i>	the little one, the young one <i>The little one sleeps.</i>
(Verb) hëllefen <i>De Marc hëlleft mir bäi den Exercicer.</i>	to help <i>Marc helps me with the exercises.</i>
(Verb) stressen <i>De Proff stresst mech.</i>	to be stressful, to give a hard time <i>The teacher gives me a hard time.</i>
(Verb) streiden <i>Ech streide mat mengem Brudder.</i>	to fight, to argue <i>I fight with my brother.</i>
(Adj.) dee selwechten, dat selwecht <i>Hien huet dat selwecht Hiem wéi ech.</i>	the same <i>He has the same shirt than me.</i>
(Adv.) zimlech <i>Ech sinn zimlech midd.</i>	rather <i>I am rather tired.</i>
(Adv.) ganz <i>Ech si ganz midd.</i>	a lot, very, totally <i>I am very tired.</i>
(Adv.) normalerweis <i>Normalerweis stinn ech um 7 Auer op.</i>	usually <i>I usually get up at 7 o'clock.</i>
(Pron.) näischt <i>Ech hunn näischt verstan.</i>	nothing <i>I understood nothing.</i>
(Pron.) allen 2, 3, 4, ... <i>Meng Eltere schaffen allen zwee.</i>	all 2, 3, 4... <i>Both of my parents work.</i>
(Pron.) alleguer <i>D'Schüler sinn alleguer do.</i>	all <i>All the students are present.</i>

Säit 45

(Verb) kennen <i>Ech kennen hien net.</i>	to know <i>I don't know him.</i>
(Verb) laachen <i>Ech laachen ëmmer mat him.</i>	to laugh <i>I always laugh with him.</i>
(Adj.) witzeg <i>De Proff ass witzeg.</i>	funny <i>The teacher is funny.</i>